Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/12/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

Eng vun den Haaptaufgabe vum Tribunal de la jeunesse et des tutelles ass dofir ze suergen, dass d'Gesetzer zum Jugendschutz applizéiert ginn a vu juristescher Säit fir déi néideg Protektioun ze suergen a Fäll wou Kanner oder Jugendlecher a Gefor sinn a mussen aus hirem Doheem geholl an an engem Foyer oder eng Fleegefamill placéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Opgelëscht pro Joer, wéi huet sech d'Unzuel vun de Fäll an Dossieren, ëm déi sech den Tribunal de la jeunesse et des tutelles këmmert, zënter 2010 verännert?
2. Wéi vill Persoune sinn zënter 2010 bei den Effektiv vum Tribunal dobäi komm?
3. Wéi laang Zäit hunn d'Mataarbechterinnen a Mataarbechter an der Moyenne fir den Traitement vun engem Dossier?
4. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung dass d'Aarbecht vum Tribunal esou ka mat der néideger Sorgfalt gemaach ginn? Wa nee, wat fir Ännerunge gesäit si konkret vir?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten